

# Lëtzebuergesch als Friemsprooch

## Kann-Beschreibungen – Sproochlech Handlungen – Zorte vun Texter

### Niveau C1

#### Allgemeng Kompetenz

- Ka genuch verstoe fir e breede Spektrum vu méi laange Rieden a Gespréicher iwwert abstrakt a komplex Themen ze suivéieren - inklusiv Themen iwwert déi en/se/et net Bescheed weess -, och wann d'Interventiounen net kloer strukturéiert an Zesammenhäng nëmmen implizit sinn. Och e staark gestéierten Empfang (Kaméidi, ganz schlecht Tounqualitéit) hënnert en/se/et net drun ze verstoen.
- Ka sech ouni groussen Effort spontan a fléissend ausdrécken. Kann d'Sprooch am gesellschaftlechen, berufflechen, edukative Beräich efficace a flexibel gebrauchen, och fir Uspillungen ze maachen, Emotiounen auszedrécken, Humor an Ironie anzesetzen. Kann och u Gespréicher iwwert abstrakt a komplex Themen, esouguer vu frieme Fachgebiddere, deelhuele.
- Ka laang a komplex schrëftlech Texter, mat deenen een am gesellschaftlechen oder beruffleche Liewe konfrontéiert gëtt (och literaresch Texter), verstoen an dobäi och implizit ausgedréckten Astellungen a Meenungen erfaassen.
- Ka kloer a gutt strukturéiert Texter zu komplexen Theme redigéieren an dobäi de Vocabulaire an de Stil op den Destinataire bezéien.

#### Qualitéit vun der Sprooch

Huet e grouse Vocabulaire a ka bei lexikalesche Lücken ouni Problem Ëmschreiwunge gebrauchen; offensichtlecht Sichen no Wieder oder e Réckgrëff op Vermeidungsstrategien si seelen. Geleeëntlech kleng lexikalesch Feeler kënnen nach virkommen. Ka vill idiomatesch Ausdréck an ëmgangssproochlech Wendunge meeschtens verstoen an déi geleeefegst och selwer korrekt gebrauchen.

Kann aus engem grouse Repertoire u grammatesche Strukturen auswählen an och méi laang mëndlech Beiträg resp. schrëftlech Texter grammatesch esou korrekt halen, dass Feeler seele virkommen a kaum stéieren.

Kann d'Intonatioun variéieren an d'Betounung am Saz esou asetzen, dass Nuancen an der Bedeitung zum Ausdruck kommen.

Ka kloer, fléissend a gutt strukturéiert schwätzen, a weist dobäi dass en/se/et d'sproochlech Mëttele vum Strukturéieren a vum Verknäppe beherrscht.

D'Schreifweis ass korrekt.

Quellen : Inspiréiert gouf sech fir dës Beschreiwunge bei :

- Europarat : *Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen : lernen, lehren, beurteilen. Niveau A1 – A2 – B1 – B2 – C1 – C2*, Langenscheidt 2001
- Glaboniat/Müller/Rusch/Schmitz/Wertenschlag : *Profile deutsch. Gemeinsamer Europäischer Referenzrahmen. Lernzielbestimmungen, Kannbeschreibungen, Kommunikative Mittel. Niveau A1 – A2 . B1 – B2. C1 – C2*, Langenscheidt, 2005
- Alliance Française : *Référentiel des contenus d'apprentissage du FLE en rapport avec les six niveaux du Conseil de l'Europe, à l'usage des enseignants de FLE*, CLE International, Paris 2008

## C1 HÉIERVERSTOEN

Ka genuch verstoe fir e breede Spektrum vu méi laange Rieden a Gespréicher iwwer abstrakt a komplex Themen ze suivéieren - inklusiv Themen iwwer déi en/se/et net Bescheed weess -, och wann d'Interventiounen net kloer strukturéiert an zesummenhäng nëmmen implizit sinn. Et kann awer, apaart bei friemem Akzent, zu Onsécherheete beim Verstoe vun Detailer kommen.

Ka vill idiomatesch Wendungen an ëmgangssproochlech Ausdréck verstoen. Kann e Wiessel vu Stil a Register richteg erkennen.

Kann-Beschreibungen	Sproochlech Handlungen (rezeptiv)	Zorte vun „Texter“
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann – als net Bedeelegten - komplex Interaktioun tëscht Mammesproochler an enger Gruppdiskussioun oder engem Debat liicht suivéieren, och wann et ëm abstrakt, komplex Theme geet, iwwer déi en/se/et net Bescheed weess.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wann een / eppes charakteriséiert gëtt</li> <li>➤ verstoen, wann eng Meenung / en Uerteel nuancéiert ausgedréckt gëtt</li> <li>➤ verstoen, wa vun der Vergaangenheet / vun der Zukunft geschwat gëtt</li> <li>➤ verstoen, wa mëndlech erzielt gëtt, wat en anere gesot/geschriwwen huet</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gespréicher an Debaten tëscht Mammesproochler</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann déi meescht Virlesungen, Konferenzen, Diskussiounen an Debate relativ liicht verstoen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wann eng Ursach, eng Konsequenz, en Zil, eng Konditioun, eng Oppositioun, eng Aschränkung, eng Konzessioun ausgedréckt gëtt</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Virlesungen, Exposéën, Konferenzen, Visite-guidéeën (och op Audio-guide)</li> <li>➤ Diskussiounsbäitrag, Gespréichsbäitrag</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann, och bei staarkem Kaméidi oder bei schlechter Tounqualitéit, aus ëffentlechen Duerchsoen Eenzelinformatiounen eraushéieren.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wann Argumenter opgebaut, matenee verbonnen, hierarchiséiert ginn</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Duerchsoen (Gare, Stadion, ...)</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann e breede Spektrum vun Enregistrementer a Radioemissiounen verstoen, och wann net onbedéngt Standardsprooch geschwat gëtt. Kann dobäi Subtilitéite wéi implizit vermëttelt Astellungen oder d'Relatiounen tëschent de Spriecher erkennen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wann am Gespréich eng Tëschebemierkung, eng Parenthèse gemaach gëtt</li> <li>➤ d'Stëmmung vum Spriecher ernaassen</li> <li>➤ Gefiller verstoen, och wa se nuancéiert ausgedréckt ginn</li> <li>➤ <i>och d'sproochlech Handlung vu B2 a B1, Héierverstoen, déi hei net opgezielt sinn</i></li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Noriichten, Commentairen, Reportagen, Interviewen, Dokumentarsendungen, Gespréicher um Radio, Rezensionen, Sketcher, „Hörspiele“, Konferenzen, Virlesungen, Rieden, Retransmissiounen</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann op der Tëlee Sendunge mat héijen Uspréich wéi Noriichten, aktuell Reportagen, Interviewen oder Talk-showe verstoen.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Noriichten, Reportagen, Interviewen, Auszich aus Chamber-Debaten (Audio-Archiv um Site vun der Chamber), Talk-Showen</li> </ul>

<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka Filmer, Feuilletonen op der Tëlee an Theaterstécker verstoen, och wann doranner salopp Émgangssprooch oder idiomatesch Wendunge virkommen.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Filmer, Feuilletonen, Sitcomen, Dokumentarfilmer, Krimien, Dessin-animéén, Mäercher, Musicalen, Theaterstécker, Sketcher</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann detailléiert Rapporten a Commentairë verstoen, an deenen Zesummenhäng, Meenungen a Standpunkter diskutéiert ginn.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Rapporten, Commentairen a verschiddene Beräicher</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka literaresch Erzielunge verstoen, och wa geleeëntlech Detailer onkloer bleiwen.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ literaresch Erzielungen</li> </ul>

## C1 LIESVERSTOEN

Ka laang a komplex Texter am Detail verstoen, och wa se net zum eegene Spezialgebitt gehéieren, wa schwiereg Passagen e puermol kënne gelies ginn.

Kann-Beschreibungen	Sproochlech Handlungen (rezeptiv)	Zorte vun „Texter“
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an engem Text, dee laang a komplex ass, séier déi wichteg Eenzelinformatiounen fannen a verstoen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka séier den Inhalt an d'Wichtigkeet vun Notiichten, Artikelen a Rapporten zu engem breede Spektrum vun Themen, déi a Relatioun mam eegene Spezialgebitt stinn, erfassen an decidéieren, ob et derwäert ass, méi am Detail ze liesen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Notiichten*, Artikelen*, Rapporten*</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka laang a komplex Texter, mat deenen een am gesellschaftlechen oder berufleche Liewen oder an der Ausbildung konfrontéiert gëtt, verstoen an dobäi och implizit ausgedréckten Astellungen a Meenungen erfassen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wann een / eppes charakteriséiert gëtt</li> <li>➤ Instruktiounen verstoen</li> <li>➤ verstoen, wann eng Meenung / en Uerteel nuancéiert ausgedréckt gëtt</li> <li>➤ verstoen, wa vun der Vergaangenheet / vun der Zukunft geschwat gëtt</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Artikelen*, Commentairen*, Lieserbréiwer; Artikelen, an deenen ee Rotschléi kritt*; Rapporten*, Rezensiounen, Compte rendu, Transkript vun engem Debat aus der Chamber (Compte rendu vun der Chamber)</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann all Zort vu Korrespondenz verstoen, wann d'Méiglechkeet besteet, geleeëntlech eppes am Dictionnaire nozesichen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wa schrëftlech erzielt gëtt, wat en anere gesot/geschriwwen huet</li> <li>➤ verstoen, wann eng Ursach, eng Konsequenz, en Zil, eng Konditioun, eng Oppositioun, eng Aschränkung, eng Konzessioun ausgedréckt gëtt</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Korrespondenz am privaten, beruflechen, öffentlechen an edukative Beräich*</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann ouni grouss Méi zäitgenëssesch literaresch Texter verstoen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wann argumentéiert gëtt</li> <li>➤ unhand vu Stil a Regëster dem Schriewer seng Astellung (Humor, Ironie, ...) erfassen</li> <li>➤ Gefiller verstoen, och wa se nuancéiert ausgedréckt ginn</li> <li>➤ <i>och d'sproochlech Handlung vu B2 a B1,</i></li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Prosatexter, Kuerzgeschichten, Romaner, Krimien, biografesch Erzielungen, Gedichter, Bandeddinéeën, Märcher, Tagebicher*, Bloggen*</li> </ul>

	<i>Liesverstoen, déi hei net opgezielt sinn</i>	
		(*) Souwäit et där Texter op Lëtzebuergesch gött

## C1 MËNDLECHEN AUSDRUCK: MONOLOG

Ka sech ouni groussen Effort spontan a fléissend ausdrécken an huet e grouse Spektrum vun Ausdrucksmeittelen, aus deenen en/se/et déi passend Formuléierungen auswiele kann. Nëmme bei abstrakten a schwierigen Theme kann et sinn, dass e méi dacks muss no passende Formuléierung sichen.

Huet e grouse Vocabulaire a ka bei lexikalesche Lücken ouni Problem Ëmschreiwunge gebrauchen; offensichtlecht Sichen no Wieder oder e Réckgrëff op Vermeidungsstrategien si seelen.

Ka sech och bei méi laange Beiträg grammatesch esou korrekt ausdrécken, dass Feeler siele virkommen, kaum opfalen an an der Regel selwer korrigeiert ginn.

Kann-Beschreibungen	Sproochlech Handlungen	Zorte vun „Texter“
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Allgemeng mëndlech Produktioun: Ka komplex Theme kloer an detailléiert beschreiwen oder duerstellen an dobäi Ënnerthemen abauen, eenzel Punkte méi ausféierlech behandelen an dat Ganzt mat engem gëeegente Schluss ofschléissen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ en Evenement, eng Erfahrung erzielen</li> <li>➤ en Zoustand/Zoustänn beschreiwen</li> <li>➤ e Gesellschaftsphänomen beschreiwen</li> <li>➤ en natierleche Phänomen beschreiwen</li> <li>➤ e Virgank, eng Prozedur beschreiwen</li> <li>➤ en abstrakte Gedanke beschreiwen</li> <li>➤ e Gefill ausdrécken</li> <li>➤ erzielen/resuméieren, wat en anere gesot huet</li> <li>➤ eng Hypothes opstellen</li> <li>➤ e Wahrscheinlechkeetsgrad ausdrécken</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erzielung, Beschreibung, Commentaire, Rapport</li> <li>➤ méi laang Beiträg bei engem Virstellungsgespréich, engem Interview, enger Negociatioun, enger Diskussioun, ...</li> <li>➤ Erfahrungsaustausch (Gespréich tëscht Frënn, Copropriétaires, am berufflechen, am edukative Beräich, am Kader vun enger Radios- oder Téléeseemissioun, ...)</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erfahrungs beschreiwen: Kann Evenementer a Geschichten erzielen an dobäi Parenthèsë maachen, bestëmmt Punkte méi ausféierlech behandelen an alles mat enger gëeegenter Conclusioun ofschléissen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Standpunkt justifiéieren, e Grond/Grënn fir e Standpunkt uféieren</li> <li>➤ Beispiller gi fir e Standpunkt ze justifiéieren</li> <li>➤ eppes ervirhiewen, ënnersträichen</li> <li>➤ soen/ausdrécken, dass ee mat eppes/engem (net) averstanen ass</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erzielung, Biografie, Mäerchen, Anekdot, Witz</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann e komplex Thema gutt strukturéiert a kloer vrun engem Public virdroen an dobäi déi eege Standpunkten ausféierlech duerstellen an duerch Ënnerpunkten, gëeegent Beispiller oder Justificatioune ënnerleeën. Ka spontan a bal ouni Effort op Reaktiounen aus dem Public reagéieren.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Argumentatioun opbauen</li> <li>➤ Argumenter matenee verbannen</li> <li>➤ <i>och d'sproochlech Handlung vu B2 a B1, Monologescht Schwätzen, déi hei net opgezielt sinn</i></li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ried, Exposé, Presentatioun, Konferenz, Visite guidée, Rezensioun</li> </ul>

➤ Ka Gedanken an Astellung kloeer ausdrécken a mat enger komplexer Argumentatioun stäipen.		➤
➤ Ka laang a komplexer Texter méndlech resuméieren.		➤



## C1 MËNDLECH INTERAKTIOUN

Ka sech ouni groussen Effort spontan a fléissend ausdrécken. Kann u Gespréicher iwwert abstrakt a komplex Themen, esouguer vu frieme Fachgebieder, deelhuelen. Bei Mammesproochler muss en/se/et allerdéngs heiansdo Einzelheete confirméiere loossen, appart wa mat engem Accent geschwat gëtt, deen en/se/et net gutt kennt. Huet e grouse Vocabulaire a ka bei lexikalesche Lücken ouni Problem Ëmschreiwunge gebrauchen; offensichtlecht Sichen no Wieder oder e Réckgrëff op Vermeidungsstrategien si seelen. Kann idiomatesch Ausdréck an ëmgangssproochlech Wendunge meeschtens verstoen an déi geleeft och selwer korrekt gebrauchen. Ka Wuertspiller maachen.

Kann aus engem grouse Repertoire u grammatesche Strukturen auswielen an och bei méi laange Gesprächsbäitrag komplex Structure benotzen.

Kann-Beschreibungen	Sproochlech Handlungen	Zorte vun „Texter“
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka sech a Gespréicher bal ouni Effort spontan a fléissend ausdrécken; nëmme bei abstrakten a schwierigen Theme mécht en/se/et méi dacks Pause fir no passende Formuléierungen ze sichen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kontakt mat engem ophuelen</li> <li>➤ e Gespräch ufänken, weiderféieren, ofschléissen</li> <li>➤ e Kompliment maachen, op e Kompliment reagéieren</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gespréicher, Diskussiounen</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an engem Gespräch Informatiounen matdeelen an dobäi d'Sprooch efficace a flexibel benotze fir Uspillungen ze maachen, Emotiounen auszedrécken, Humor an Ironie anzesetzen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ sech entschëllegen, op eng Entschëllegung reagéieren</li> <li>➤ eng Meenung, en Uerteel ausdrécken</li> <li>➤ justifiéieren, op eppes bestoen, eppes ervirhiewen</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ formell an informell Gespréicher am privaten, öffentlechen, berufflechen, edukative Beräich</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann op iwwerzeegend Manéier eng Positioun verrieden, op Froen a Commentairen äntweren an op komplex Géigenargumenter fléissend, spontan a géeegent reagéieren.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Hypothes ausdrécken</li> <li>➤ op eng Hypothes reagéieren</li> <li>➤ sech fir/géint eppes ausschwätzen</li> <li>➤ eppes positiv/negativ bewäerten</li> <li>➤ kommentéieren</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gespréicher, Diskussiounen, Verhandlungen</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka Meenungen an Aussoen zimlech präzis ausdrécken an z.B. de Grad u Sécherheet, Zweiwel oder Wahrscheinlechkeet däitlech maachen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ froen, eppes ze preziséieren</li> <li>➤ ee froen, eppes ze rechtfäerdeg</li> <li>➤ Kritik zeréckweisen, engem an engem Punkt noginn oder Recht ginn</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka komplex Gruppendiskussiounen liicht suivéieren an derzou bäidroen, esouguer wann abstrakt a komplex Theme behandelt ginn, déi en/se/et net gutt kennt.</li> <li>➤ Ka mat Hëllef vu passenden Ausdréck d'Wuert ergräifen,</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Ausso nuancéieren</li> <li>➤ e Wahrscheinlechkeetsgrad ausdrécken, Zweiwel ausdrécken</li> <li>➤ Standardformele benotze fir Zäit ze</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gruppendiskussiounen, Debaten, Gespréicher a Reuniounen</li> </ul>

<p>un dat uknäppen, wat anerer gesot hunn, iwwert dem Schwätzen Zäit gewanne fir nozedenken oder weisen, dass en/se/et d'Wuert behale wëllt.</p>	<p>gewannen an d'Wuert ze behalen</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ engem d'Wuert ginn, een opfuerderen an d'Gespréich anzegräifen</li> </ul>	
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann u formellen Diskussiounen a Verhandlungen deelhuefen an d'Kommunikatioun steieren, aneren d'Wuert ginn oder s'opfuerderen, um Gespréich ze participéieren.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Argumentatioun opbauen</li> <li>➤ eege Gedanken a Meenunge strukturéieren</li> <li>➤ sech op engem anere seng Ausso bezéien</li> <li>➤ Gefiller ausdrécken</li> <li>➤ Rotschléi verstoen, ginn</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ formell Diskussiounen, Verhandlungen</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann ouni Problem an op effizient Manéier Telefongesprécher féieren, och mat Mammesproochler.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ <i>och d'sproochlech Handlung vu B2 a B1, Mëndlech Interaktioun, déi hei net opgezielt sinn</i></li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ (formell an informell) Telefongesprécher</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann am Kontakt mat Administratiounen an Déngschtleeschungsbetriben och mat sproochlech komplexe Situatiounen eensginn.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Déngschtleeschungsgesprécher (och um Telefon)</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka bei engem Interview fléissend an ouni Hëllef op Froen äntweren, eege Gedanken entwéckelen an op Interjektivitéit reagéieren. Kann an der Roll vum Interviewer/vun der Interviewerin nuancéiert Froen stellen an op Aussoe vun der Persoun, déi interviewt gëtt, reagéieren.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Interviewen (an interview-ähnlech Gesprécher), Virstellungsgesprécher</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka bei Ausdröcksschwieregkeeten nei usetzen an ëmformuléieren, ouni dobäi de „Schwätzfluss“ ganz z'ënnerbriechen.</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤</li> </ul>

## C1 SCHRÉFTLECHEN AUSDRUCK

Ka sech kloer a präzis ausdrécken a sech flexibel an efficace op den Destinataire bezéien.

Huet e grouse Vocabulaire a ka bei lexikalesche Lücken ouni Problem Ëmschreiwunge gebrauchen.

Kann aus engem grouse Repertoire u grammatesche Strukturen auswählen an och méi laang Texter grammatesch esou korrekt halen, dass Feeler siele virkommen a kaum stéieren.

D'Schreifweis ass korrekt. D'Mise en page, d'Ennerdeellung an Abschnitter an d'Interpunctioun si logesch a vereinfachen d'Liesen.

Kann-Beschreibungen	Sproochlech Handlungen	Zorte vun „Texter“
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka kloer a gutt strukturéiert Texter zu komplexen Theme redigéieren an dobäi déi entscheidend Punkten ervirhiewen, Standpunkten ausféierlech duerleeën an duerch Ënerpunkten oder passend Beispiller a Justificatioune stäipen an den Text mat engem gëeegente Schluss ofschléissen.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ vun engem Evenement, enger Erfahrung erzielen</li> <li>➤ Zoustänn beschreiwen</li> <li>➤ e Gesellschaftsphenomän beschreiwen</li> <li>➤ en natierleche Phenomän beschreiwen</li> <li>➤ en abstrakte Gedanke beschreiwen</li> <li>➤ e Gefill ausdrécken</li> <li>➤ op Gefiller, déi en aneren ausgedréckt huet, reagéieren</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken, justifiéieren</li> <li>➤ eng Hypothese ausdrécken</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ informellen oder formelle Bréif*, E-Mail*</li> <li>➤ Aufsatz, Lieserbréif</li> <li>➤ Kritik vun engem Buch, Film, Theaterstéck (a privater Korrespondenz oder als Aufsatz oder Artikel)</li> <li>➤ Résumé a Commentaire vun Noriichten, Interviewen, Reportagen, Artikelen, ... zu engem aktuellen Thema (als private Bréif/E-Mail oder als Aufsatz oder Artikel)</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka sech a senger/hirer perséinlecher Korrespondenz kloer a präzis ausdrécken an d'Sprooch flexibel an efficace gebrauchen, och fir Emotiounen, Uspillungen an Humor oder Ironie auszedrécken.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Wahrscheinlechkeetsgrad ausdrécken</li> <li>➤ Beispiller gi fir e Standpunkt ze justifiéieren</li> <li>➤ en Argument fir/géint eppes opbauen</li> <li>➤ Argumenter matenee verbannen</li> <li>➤ eppes ervirhiewen</li> <li>➤ resuméieren, wat een héieren/gelies huet, wat anerer gesot/geschriwwen hunn</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ informellen oder formelle Bréif*, E-Mail*</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka kloer, detailléiert, gutt strukturéiert an ausféierlech Beschreibungen an och eege fikcional Texter an engem liesergerechten, iwwerzeegenden, perséinlechen an natierleche Stil redigéieren.</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erliednesser, Meenunge vun anere kommentéieren, Stellung derzou huelen</li> <li>➤ formell korrespondéieren</li> <li>➤ wéinst eppes reklaméieren</li> <li>➤ och d' sproochlech Handlung vu B1 a B2, „Sproochlechen Ausdrück“</li> </ul>	<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Rapport, Erzielung, kuerz Biografie, Kuerzgeschichte</li> </ul>
<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann zu de verschiddenste Froe mat Administratiounen a Betriber flexibel a</li> </ul>		<ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Bréif*, E-Mail* fir Informatiounen ze froen, eng Demande ze maachen, eppes ze</li> </ul>

selbstänneg korrespondéieren.		konfirméieren, ofzesoen, eppes ze verlaangen, ëm Rot oder Hëllef ze bieden, ze reklaméieren, ze warnen, ...
		(*) Souwäit där Texter op Lëtzebuergesch geschriwwen ginn